# d'Peffermillen

D'Léift fir d'Muppen hëlt oft krass Formen un. Ee Beispill dofir war Mëtt August am "Wort" ze gesinn. Den Hondo, e gro-wäissen Bobtail, war um Bridel fortgelaaf a seng Proprietairen hun no him mat enger grouBer Annonce mat Photo am LW gesicht. Eng Belounung gouf fir deen offréiert, deen den Hond erëmbrénge géif. No dräi Deeg ass den Opruf widerholl gin an de Koschter schätzt, datt déi zwou Annoncen knapp 50.000 Frang kascht hun. Eng Woch drop ass e weideren, mei diskreten Encart an der Affaire "Hondo" publicéiert gin, deen mer hei ofdrécken, ët handelt sech ëm eng regelrecht Doudesannonce fir de Mupp.

ff

**Bobtail**

Name: HONDO

Die Suche ist beendet. Er wurde am 22. August 1991 beim Zusammenprall mit einem Auto tödlich verletzt. Wir danken allen, die uns mit moralischer Unterstützung und aktiver Hilfe zur Seite gestanden haben.

**L[redacted] und C[redacted] W[redacted]**

*

Daß a Saache Studentenaarbecht an der Vakanz grad beim Staat nach laang nët alles klappt, dierft keng Neiegkeet sin. Méintelaang mussen d'Studenten heiansdo op hir Pei waarden. Wann een als Moniteur bei enger "Colonie de vacances" matschafft, as di Pei dann och nach skandaléis kleng. Déi Studente kréie jhust 10 000 Frang fir dräi Wochen Arbecht a Verantwortung iwwert eng Hellewull Kanner an eng Keess vun ëmmerhin e puer honnert dausend Frang. De Patron behaapt, de Rescht kréiche se jo a Natur ausbezuelt: Kascht a Logis an enger Vakanz... Ween dat eng Kéier matgemaach huet, weess wéi ët mat der Vakanz steet. De Koschter kann deene Studente nëmme roden, d'next Kéier och no 8 Stonnen opzehale mat schaffen, owes erauszegoe, wi wa se vum Büro kéimen, wann engem Kand eppes geschitt, jhust d'Ambulanz ze ruffen a sech ëm soss näischt ze këmmeren asw. Vläicht mierkt dann de Patron, op Staat, Croix-Rouge oder ween och ëmmer, dass e Moniteur keng Vakanz huet an eng voll Pei zegutt huet wi e Bürosbeamten och.

**m.p.**